nëmmen op e puer Commentairë limitéieren.

Ech wëll just vun der Geleeënheet profitéiere fir hei fir Lëtzebuerg d'Wichtegkeet vun eise Bëscher ze ënnersträichen. Dat ass eppes wat mer zwar ëmmer erëm hei soen, mä wann een awer d'Realitéit dobausse kuckt, da muss ee feststellen, datt mer eis Bëscher awer an engem gewëssene Mooss, oder wéinstens d'Potenzial wat eis Bëscher hunn an engem gewëssene Mooss bis elo vernoléissegt hunn. D'Bëscher hunn eng wichteg Funktioun, dat ass scho gesot ginn, et kann een eng ganz Partie Elementer opzielen: d'Filtratioun vun der Loft, d'Bildung, d'Bannung vu Sauerstoff an d'Schafung vun erneierbaren Energien.

Ech wëll dorun erënneren, datt mer laut enger Etüd, déi rezent gemaach ginn ass, 380.000 Megawatt Stonnen eleng aus dem Holz aus eise Bëscher kéinte gewannen, mat engem Equivalent vu ronn 35 Millioune Liter Mazout. Dat muss ee sech emol virun Aen halen.

D'Bëscher suergen och fir en équilibréierte Waasserhaushalt, deen ëmmer méi wichteg gëtt am Zuch vun dem Klimachangement, wou mer gesinn, datt d'Nidderschléi vläicht net ofhuelen, mä datt se vill méi konzentréiert de Wanter kommen a vill manner de Summer. De Bësch späichert d'Waasser a gëtt et kontinuéierlech un eis Baachen an eis Flëss of, dat ass eng wierklech net ze ënnerschätzend Funktioun. E suergt fir Temperaturausgläich, a wa mer da géingen, wat ech hoffen an ech menge wou mer eis alleguer eens sinn, an Zukunft eis Bëscher méi konsequent notzen, da géinge last but not least och zousätzlech Aarbechtsplaze geschaf.

Dee Projet hei geet ëm - an den Intitulé seet et schonn - de Matériel de reproduction. Et ass gutt, datt eng gewësse Garantie festgehale gëtt, datt d'genetesch Vielfalt vun eise Bëscher a vun all deenen Espècen, déi mer kënnen an eise Bëscher verwenden, garantéiert gëtt, mä datt och eng gewësse Selektioun gemaach gëtt, dat heescht, datt mer, esou wéi dat an der traditioneller Landwirtschaft schonn ëmmer gemaach ginn ass, probéiere vun deene beschten a leeschtungsfäegste Beem ëmmer erëm Nokommen ze zillen, wat mer och schéngt eng Noutwendegkeet ze sinn an enger Welt, wou d'Klima permanent ännert, wou d'Loftzesummesetzung och net méi grad optimal ass, a wou een der da vläicht vun deene Beem, déi am resistentste sinn, nozillt.

Et kann een der Meenung sinn, datt dat Ganzt e bësse wäit an den Detail geet. Mir schwätze permanent vu Simplification administrative, dat hei ass erëm e Beispill, wann een d'Perfektioun wëllt virundreiwen, wéi wäit datt ee ka goen. Ech hoffen, datt all déi Leit, déi dovu concernéiert sinn, ouni allze vill groussen administrativen Opwand trotzdeem domat eens ginn. Domadder wëll ech och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Domat ass d'Diskussioun fäerdeg. Den Här Minister Lucien Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement*.- Merci, Här President. Ech wëll der Chamber, dem Rapporteur an de Kolleege Merci soen och fir déi Beiträg, déi iwwert dat erausgaange si wat d'Gesetz enthält, awer d'Wichtegkeet vun de Bëscher op enger Rei vu Gebitter zréckbehalen hunn.

Ech mengen, et dierft elo, no deem Retard, dee mer scho geholl hunn an der Transpositioun, sinn, dass déi zoustänneg Verwaltung, eis Forstverwaltung, ganz schnell mat der Ëmsetzung vun dësem Gesetz ufänkt, de Regëster gebilt gëtt an dass mer och d'Méiglechkeete kréie fir d'Kontrollen, fir dass mer wierklech eng durabel Gestioun vun eise Bëscher mat deem Instrument hei kënne maachen, dat agekleet och an de communautairë Kader, wou de Regëster jo och zu Bréissel mat ugemellt gëtt.

Ech wëllt dem Kolleeg Oberweis och soen, dass ech de Souci vum Weiderkomme bei den Naturbëscher, deen Engagement, dee mer geholl hu fir op 5% ze kommen, och eescht huelen. Ech si frou, dass mer an der Tëschenzäit bei zwee Projeten, deem vu Bartreng an deem vu Beetebuerg, konnten op de Wee vum Classement vum Naturbësch goen. Ech mengen, dass dat de richtege Wee ass. Esch och, Här Braz, deen hat ech elo leider vergiess: Bartreng, Beetebuerg an Esch. Duerfir sinn ech frou, dass mer dëse Projet ganz schnell hei an der Chamber konnten traitéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen domadder zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet. Ech denken, dass eis Elektronik an der Zwëschenzäit erëm fonctionnéiert. Loosse mer emol probéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5044 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz (par M. Patrick Santer), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

(Interruption)

Här Scheuer!

(Interruption)

Jo, da musst Der lech an Ärer Fraktioun ëmfroen, Här Scheuer, ech kann dat net vun hei uewe gesinn, beim beschte Wëllen net.

(Interruption)

Ech kann lech nëmme soen, dass ech hei uewe 60 Jo-Stëmmen enregistréiert hunn. Also denken ech, dass…

(Hilarité et interruptions)

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Dann huet en anere Fanger fir mech gedréckt.

M. le Président.- Dann ëmfrot lech emol vläicht beim Här Fayot. Hie weess wou déi Jo-Stëmm vun lech hierkënnt.

Här Fayot?

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech wollt eppes Technesches froen. Déi Procuratioune si jo fir déi Deputéiert, déi net do sinn. Duerfir fannen ech et och net richteg, dass deenen hir Computeren op sinn, dat heescht, kënne fonctionnéiere wa se net do sinn. Ech mengen dat misst een nokucken, dass nëmmen déi Computeren op si vun deenen Deputéierten, déi deen Dag do sinn.

Une voix.- Et gëtt ëmmer méi komplizéiert.

M. le Président.- Ech wëll lech soen, Här Fayot, dass eis Installatioun an der Zwëschenzäit esou sophistiquéiert ass, wa mer se nach mat e puer Saache chargéieren, da fäerten ech, da geet se op eemol guer net méi.

(Interruptions diverses et hilarité)

Une voix.- Kee Vertrauen an d'Technik.

M. le Président.- Här Grethen!

M. Henri Grethen *(DP)*.- Här President, ech wëll drop opmierksam maachen, dass dat de Moment net uweist, wie fir wie par procuration ofgestëmmt huet.

M. le Président.- Jo.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Eben, Här President!

M. le Président.- Ech wëll lech soen, Här Grethen, ech hat mech elo endlech gewinnt un deen Apparat hei. Elo ass eng ganz nei Installatioun hei. Ech gesinn och praktesch näischt méi hei op mengem Tableau!

(Hilarité)

Une voix.- Da fäert Der och näischt!

M. le Président.- Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5217 iwwert d'Informatioun am Ëmweltberäich. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Gira an den Här Mehlen. Als éischte Riedner huet de Rapporteur d'Wuert, den honorabelen Här Marcel Oberweis.

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Hei setzt mech och nach op d'Lëscht. Ech sinn et.

M. le Président.- Pardon, de Rapporteur ass net den Här Marcel Oberweis, mä den Här Roger Negri.

Här Negri, Dir hutt d'Wuert. An den Här Calmes?

(Interruption)

Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

6. 5217 - Projet de loi concernant l'accès du public à l'information en matière d'environnement

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, déi Gesetzesprojeten, déi haut de Mëtten nach um Ordre du jour stinn, betreffen allen dräi d'Ëmsetzung vun der Aarhus-Konventioun, déi Lëtzebuerg schonn de 25. Juni 1998 ënnerschriwwen huet, an där mer hei an der Chamber den 13. Juli vun dësem Joer eis Zoustëmmung ginn hunn.

Ech erënneren drun, dass d'Aarhus-Konventioun dräi grouss Ziler verfollegt, déi dozou féiere sollen, dass d'Biergerinnen an d'Bierger sech aktiv un der Gestaltung vun der Ëmweltpolitik bedeelegen.

(Interruption)

An engem éischte Volet verflichte sech d'Staten, déi dës Konventioun ratifizéiert hunn, hire Bierger en direkten Zougang zur Informatioun am Ëmweltberäich ze ginn a se ze encouragéieren, vun dësem Recht Gebrauch ze maachen. Op dës Manéier hoffen d'Signatairen, d'Bierger fir d'Ëmweltproblemer ze sensibiliséieren an hinne bewosst ze maachen, dass si selwer e wichtege Bäitrag zur Ëmweltpolitik leeschte kënnen.

Am Mëttelpunkt vum zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun steet d'Participatioun vun de Bierger wann et ëm wichteg Décisioune geet, déi d'Ëmwelt betreffen. Bei Projeten, déi en Impakt op d'Ëmwelt hunn, sollen d'Bierger vun Ufank u mat agebonne ginn an net, wéi dat bis elo de Fall war, eréischt um Enn vun der Prozedur.

Den drëtte Volet vun der Aarhus-Konventioun gesäit vir, dass déi bedeelegt Staten den Accès zur Justiz am Ëmweltberäich erliichteren, esou dass keen dru gehënnert gëtt, säi Recht anzekloen, well d'Prozesskäschten ze héich sinn oder well d'Prozeduren ze laang daueren.

D'Aarhus-Konventioun gouf net nëmme vun deenen eenzelnen EU-Memberlänner, mä och vun der Europäescher Unioun ënnerschriwwen. Op EU-Niveau sinn zwee vun deenen dräi Voleten, déi ech elo grad hei ugeschwat hunn, ëmgesat ginn. Fir deen drëtte Volet iwwert den Accès zur Justiz gëtt am Moment un enger neier Direktiv geschafft.

Zum éischte Volet vun der Aarhus-Konventioun iwwert den Accès zur Informatioun am Ëmweltberäich steet haut als Éischt de Projet de loi 5217 op eisem Ordre du jour an der Chamber. Eigentlech hate mer geplangt, schonn am Juli iwwert dëse Projet de loi ofzestëmmen, zur selwechter Zäit wou mer eis fir d'Ratifizéierung vun der Aarhus-Konventioun ausgeschwat hunn. Kuerzfristeg hu sech dunn awer Froe gestallt, déi mir onbedéngt kläre wollten, éier mer der Chamber dëse Rapport virleeën.

De Projet de loi 5217 gouf den 9. Oktober 2003 an der Chamber deponéiert. De 26. Oktober 2004 gouf ech als Rapporteur designéiert. Et huet sech a verschiddene Sitzungen an der Ëmweltkommissioun erausgestallt, dass nach parlamentaresch Amendementer ze maache sinn, déi dann am respektiven Avis complémentaire vum Statsrot vum 5. Juli 2005 analyséiert goufen, a wou mer de Rapport zum Projet de loi den 20. Oktober adoptéiert hunn.

De Gesetzesprojet, deen elo virläit, remplacéiert d'Gesetz vum 10. August 1992. Well d'Gesetz vun 1992 net nëmmen den Accès zur Informatioun, mä zum Deel och den Accès zur Justiz betrëfft, wollte mer an der Ëmweltkommissioun dat aktuellt Gesetz bestoe loossen a mat deem neie Gesetz just den Accès zur Informatioun am Ëmweltberäich nei regelen, esou wéi dat an der EU-Direktiv virgesinn ass.

Et huet sech dunn awer erausgestallt, dass dëst net méiglech wier ouni eng Insécurité juridique ze schafen. Als Kompromëss hu mer dunn an der Ëmweltkommissioun festgehal, déi respektiv Recommandatioune vum Statsrot sengem éischten Avis unzehuelen an déi Dispositiounen aus dem aktuelle Gesetz vun 1992, déi den Accès zur Justiz betreffen, an deem neie Gesetz ze iwwerhuelen. An zwar dëst soulaang bis déi europäesch Direktiv vum drëtte Volet vun der Aarhus-Konventioun iwwer justement den Accès zur Justiz virläit, a wou dës Direktiv an deem Moment zügeg an nationaalt Recht ëmgesat muss ginn.

Här President, de Projet de loi 5217 brëngt fir Lëtzebuerg, wat den Zougang zur Informatioun vun de Bierger am Ëmweltberäich betrëfft, eng nei Approche mat sech. Jiddferee kann deemno bei den öffentlechen Déngschtstellen no Informatioune froen, ouni e spezifeschen Intérêt nozeweisen. Déi betraffen Administratioun ass da verflicht, dës Informatioun esou séier an onkomplizéiert wéi méiglech zur Verfügung ze stellen, ouni dass dem Interesséierten doduerch grouss Käschten entstinn. Natierlech wäerten et ëmmer Informatioune ginn, déi confidentiel sinn, mä am Prinzip ass am Ëmweltberäich den Zougang zur Informatioun fräi. Ausnahmen dozou sollen et esou wéineg wéi méiglech ginn. Déi mussen dann och ganz kloer justifiéiert ginn.

De Projet, deen hei virläit, gesäit och nei Délaie vir. Déi concernéiert Administratioun muss bannent engem Mount op eng Demande reagéieren, andeem si déi gefroten Informatioune gëtt oder, wann d'Demande vläicht net prezis genuch formuléiert war, no méi enger genauer Formuléierung vun der Demande freet. Den Délai vun engem Mount kann ëm e weidere Mount verlängert ginn, wann et sech ëm eng ganz komplex Demande handelt, déi eng opwändeg Recherche verlaangt. An deem Fall muss den Demandeur esou séier wéi méiglech iwwert dës Verlängerung informéiert ginn.

Deem virleiende Gesetzesprojet no mussen déi betreffend Verwaltungen awer och aktiv fir d'Diffusioun vun Ëmweltinformatioun suergen. Dozou gehéieren ënner anerem Basisdokumenter am Beräich vum Ëmweltschutz, Plangen a Programmer aus der Ëmweltpolitik, Rapporten, Impaktstudien an esou weider. Besonnesch gëeegent fir esou eng Diffusioun ass natierlech den Internet. Mä d'Leit mussen och an anerer Form Zougang zu dëser Informatioun hunn. Si solle sech kënnen op der Plaz renseignéieren a Kopië kréien. Eenzel Dokumenter sollen och um Pabeier publizéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zu dësem Projet de loi och e puer Wuert am Numm vu menger Fraktioun soen: Dëse Gesetzesprojet verännert net nëmmen e puer Prozeduren. Et ass deen éischte Schratt fir d'Aarhus-Konventioun ëmzesetzen, déi hei am Land e Mentalitéitswandel soll ustoussen. Et geet hei net nëmmen ëm den Ëmweltschutz, och wann d'Konventioun sech op dëse Beräich beschränkt. Et geet virun allem drëm, dass eis Verwaltunge sech nach méi no bausse fir d'Bierger opmaachen, fir dass déi Aart a Weis, wéi d'Décisioune getraff ginn, méi transparent gëtt.

D'Bierger sollen net nëmmen um Pabeier e Recht op Informatioun hunn. Si sollen och encouragéiert ginn, vun dësem Recht Gebrauch ze maachen. Well oft ass et jo esou, dass d'Bierger hir Rechter net voll ausschöpfen, well an der Praxis eng Rei vun Hindernisser bestinn, déi duerfir suergen, dass ee scho muss e ganz seriöen Effort maachen, wann een déi Rechter, déi een am Prinzip huet, tatsächlech notze wëllt.

An der Aarhus-Konventioun ass och d'Iddi vun nach méi biergerfrëndleche Verwaltungen dra verankert. Verwaltungen, déi no bausse kloer signaliséieren, dass se am Déngscht vun de Bierger stinn. „Mir si fir lech do; mir freeën eis op Ären Interessi; mir äntwerte gär op Är Froen“: Dat ass de Message, dee soll vun enger Verwaltung ausgoen, déi an hirer Approche am Sënn vun der Aarhus-Konventioun schafft.

Et ass dat d'Gefill wëllkomm ze sinn an en Uspriechpartner ze hunn, deen een eescht hëlt, dat

d'Bierger encouragéiert, fir sech iwwert dat ze informéieren, wat an der Ëmweltpolitik hei zu Lëtzebuerg geschitt. A mir brauche gutt informéiert Bierger wa mer wëllen, dass méi Leit Verständnis hu fir déi Politik, déi mir maachen, an dass och méi Leit un der Gestaltung vun dëser Politik deelhuelen.

Sécher, dat ass net ëmmer ganz bequem. Et ass natierlech méi einfach d'Décisiounen am stillen Kämmerlein ze treffen a se dann dem Public iwwert d'Medien zoukommen ze loossen. D'Konsequenz dovunner ass awer ganz kloer, dass d'Leit dobaussen ëmmer méi d'Gefill hunn, dass d'Décisioune souwisou iwwer hir Käpp ewech getraff ginn an dass et dofir iwwerhaapt kee Wäert huet, fir sech fir d'Politik ze interesséieren. Amplaz dass mir eis doriwwer bekloen, dass den Interesse un der Politik ëmmer méi kleng gëtt, musse mer Weeër fannen, fir d'Bierger erëm anzebannen, an déi ënnerschiddlech Forme vu Participatioune musse méi ënnerstëtzt ginn.

Mir mussen elo en éischte Schrëtt an déi Richtung maachen, an den Ëmweltschutz schéngt hei genau dee richtegen Thema ze sinn, fir d'Bierger direkt unzespriechen. Tatsächlech ass dat e Sujet, dee jiddfereen eppes ugeet. Proppert Drénkwaasser, gesond Liewensmëttel, propper Loft, schéin, natierlech Landschaften - dorënner ka jiddferee sech eppes virstellen a jiddferee weess, wéi wichteg dat ass fir seng perséinlech Liewensqualitéit.

Flott beim Thema Ëmweltschutz ass och, datt besonnesch jonk Leit sech staark dofir interesséieren, a wann et eis geléngt d'Philosophie, déi hannert der Aarhus-Konventioun steet, an d'Realitéit ëmzesetzen, brénge mir et och vläicht fäerdeg, dass méi jonk Leit politesch aktiv ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

D'Aarhus-Konventioun ass deemno net nëmmen e Bäitrag zum Ëmweltschutz, mä och eng Stäerkung vun der Demokratie. Béides läit eiser Fraktioun um Häerz, an domat ginn ech hei den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Negri. D'Wuert huet elo als éischte Riedner den Här Oberweis.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister. Erlaabt mer am Ufank dem Roger Negri Merci ze soe fir säi Rapport - schréftlecher Aart an och mëndlecher Aart. Et ass net esou evident, all déi Saachen, déi mir a stonnelaangen Diskussioune beieneerafen, an enger flotter Form dann duerzeleeën.

Erlaabt mer awer och am Ufank e bësse méi grouss auszehuelen. Ech wëll just soen, datt dat 19. Jorhonnert…

(Interruption)

Jo, ech fänke méi wäit un, mä ech sinn awer séier fäerdeg.

(Hilarité)

Dat 19. Jorhonnert ass duerch d'Mobilitéit mat der Entwécklung vun der Eisebunn, dem Automobil, dem Tëlefon an der Telegrafie geprägt ginn. Dat 20. Jorhonnert, dat mir elo just hannerun eis bruecht hunn, war geprägt duerch deen immensen Energiehonger, dee grad déi industriell Länner bewisen hunn. Mir hunn eis mat fossilen Energien ofgedeckt a mir hunn de Computer agefouert.

Dëst Jorhonnert ass d'Jorhonnert vum Wëssen a vum Schutz vun der Ëmwelt. D'Konferenz vu Rio huet et kloer gesot. Mir solle global denken, awer lokal handelen, an dat, andeem mer dem Bierger all Informatiounen zu senger Ëmwelt kënne ginn. Fir awer am Sënn vun engem breeden Ëmweltschutz ze handelen, brauche mir also all Informatiounen.

Mir gesinn, dass sech Veränderungen an der Ëmwelt breet maachen. Kee vun eis kann de Klimawandel verleegnen. Dofir ass et gutt, wann – éischtens – dem Matbierger den Accès zu all den Ëmweltinformatiounen, iwwert déi d'Verwaltunge verfügen, garantéiert gëtt; an och doriwwer eraus all déi Informatiounen dem Public zougänglech gemaach kënne ginn. An dat speziell op deem elektronesche Wee.

Grad elo, wou mir de 16. Februar de Kyoto-Protokoll a Kraaft gesat hunn, kritt den Zougang zu den Ëmweltinformatioune méi eng grouss Bedeitung. A wann ee sech d'Konsequenze vum Kyoto-Protokoll virun Aen hält – notamment mir hei am Lëtzebuerger Land –, da weess een, datt jiddfereen elo gefuerdert ass. Wann an dësem Gesetz dem Matbierger den Accès zur Ëmweltinformatioun garantéiert soll ginn, da muss awer vun him erwaart ginn, dass hie sech eendeiteg zum Prinzip vum „pollueur-payeur" bekennt. Dat ass net fir all Mënsch esou evident, mä mir fänken u mat klenge Schrëtter.

Mir sollen de Bierger dofir och opmierksam maachen op d'Portée, déi sech och aus der Onkenntnis vu senger Ëmweltinformatioun erausschielt. Wa mir déi gefuerdert nohalteg Entwécklung realiséiere wëllen, wa mir eis fir d'Biodiversitéit asetze wëllen a wa mir eis där erschreckender Kluft tëschent de räichen an den aarme Länner bewosst ginn, da muss jiddferee seng Aktivitéite mat dem Ëmweltbrëll kucken.

All Mënsch huet d'Recht fir an engem ökologesche Gläichgewiicht mat der Natur ze liewen, an zwar esou dass seng Gesondheet protégéiert gëtt. Domadder wiisst awer och bei all Bierger déi Flicht, fir un dem Prozess vun der Erhalung an der Verbesserung vu senger Ëmwelt matzeschaffen. Esou gëtt dann och den Terrain preparéiert duerch dëst Gesetz hei, fir de Matbierger an d'Entscheedungsprozesser mat anzebannen.

Grad an dësem Prozess dierfe mir net vergiessen, dass niewent allen Acteuren aus dem wirtschaftlechen a politesche Liewe besonnesch eis Schoul, eis Kanner, déi muer oder iwwermuer un d'Schalthiewele kommen, eng eminent wichteg Roll zougewise kréien.

D'CSV gesäit dofir d'Vernetzung vu sechs Eckpunkten als eng eminent wichteg Aufgab un, an dat an der Rumm vun der nohalteger Entwécklung. Dat sinn: d'Wirtschaft, d'Ëmwelt, d'Erzéiung, d'Informatioun, de soziale Volet an och doriwwer eraus déi ethesch Iwwerleeungen.

Wéi schonn ugedeit soll mat dësem Gesetz déi européesch Direktiv iwwert den Zougang vun der Öffentlechkeet zu den Ëmweltinformatiounen aus dem Joer 2003 an dat nationaalt Recht ëmgesat ginn. Si soll d'Direktiv aus dem Joer 1990 ersetzen. Dat virleiend Gesetz soll den éischte Pilier vun der Aarhus-Konventioun duerstellen.

Déi Konventioun huet dräi Objektiver, nämlech den Zougang vun der Öffentlechkeet zu den Ëmweltinformatiounen, d'Bedeelegung vun der Öffentlechkeet un den décisionnelle Prozesser, an als Lescht dann den Accès à la justice ze regelen. Grad well d'Mënschen ëmmer méi Zougang zur Informatioun sichen, soll duerch dëse Gesetzesprojet nach méi eng grouss Sensibiliséierung vun der Ëmweltproblematik bei dem eenzelne Bierger erreecht ginn.

Wat nun d'Informatioun iwwert d'Ëmwelt ubelaangt, sou soll déi ënner alle Forme virleien, sief et zum Beispill ënnert Textform, ënner Bildform, ënner Geräichform, op elektroneschem Support oder ënner soss enger anerer materieller Form.

Mir mussen doranner och dann Informatiounen zu eise Liewensgrondlagen, dat sinn de Buedem, d'Atmosphär an och d'Waasser, festleeën. Doriwwer eraus mussen och d'Donnéeën iwwert d'Emissiounen an d'Immissiounen, de Kaméidi, d'Energie, d'Strahlung an Offäll opgeschriwwe ginn. D'Rapporten iwwert d'Uwendung vun der Ëmweltlégislatioun sollen och dem Bierger zur Verfügung gestallt ginn.

Vu ganz grousser Wichtegkeet - schéngt eis - sinn dofir all d'Donnéeën iwwert d'Gesondheet vum Mënsch. Grad dat gesi mir jo elo erëm eng Kéier mat der Vullegripp, oder virdru mat der BSE-Kris. All Informatioune mussen ons zougefouert ginn. An dobäi steet speziell d'Sécherheet vun eisen Iesswueren am Mëttelpunkt.

Déi öffentlech Verwaltungen - sief dat déi national, déi regional oder lokal - sinn also gehalen, all Informatiounen zur Asiicht bereetzehalen. Et muss eng Lëscht vun deenen Autoritéiten opgestallt ginn, déi iwwert déi Informatioune verfügen. Do muss och vermierkt ginn, op wat fir enger Plaz déi Informatioune leien. Net all Mënsch kann dat jo vu virera wëssen! Dat bezitt sech zum Beispill op international Accorden an Traitéen, op d'Ëmweltpolitik vun eiser Regierung oder Impaktstudien.

Am Artikel 4 ginn all déi Méiglechkeeten opgezielt, ënner welche Bedingungen den Zougang zu enger Ëmweltinformatioun verweigert ka ginn. Och dat ka jo virkommen, ënner anerem wann d'Fro ze vill generell ass, wann Informatiounen iwwer en Dossier gefrot ginn, deen nach net fäerdeg ass, oder wann awer Froe gestallt ginn, déi am Speziellen e confidentiellë Charakter droen. Am Spezielle kritt ee keng Äntwert op eng Fro, wann et zum Beispill ëm d'national Sécherheet geet oder international Beziehungen a Fro gestallt kënne ginn.

Den Accès zur Informatioun ass och geregelt ginn. De Froesteller kann direkt Asiicht kréien an d'Registeren, oder et kann him eng Kopie zougestallt ginn. Doniewent kann d'Informatioun och iwwert den elektronesche Wee zougestallt ginn.

De virleiende Gesetzesprojet mécht och Aussoen iwwert den Accès à la justice am Fall vun engem Refus d'information. Géint dee Refus kann awer jiddfer Bierger dann e Recours virum Tribunal administratif areechen.

Déi öffentlech Verwaltunge solle sech an dësem Zesummenhang dofir asetzen all hir Informatiounen transparent no baussen ze brénge. Et ass elo grad ugesprach ginn: Déi modern Technologië vun der Telekommunikatioun erlaben dat ganz speziell.

D'Verwaltunge mussen och dozou ugehale ginn, all Informatiounen um neieste Stand ze halen. Et soll duerch dëse Projet ganz eendeiteg den éischte Pilier vun der Aarhus-Konventioun ëmgesat ginn.

Zum Schluss vu mengen Ausféierunge wollt ech dann nach just dorop hiweisen, dass net nëmmen den Zougang zu den Ëmweltinformatioune geregelt gëtt, mä doriwwer eraus och festgehale gëtt, dass all Atteinte un eis Ëmwelt oder un d'Gesondheet vun de Mënschen, déi eng Gefor brénge kann, vun den Autoritéite bekannt gemaach muss ginn.

Ech mengen dëse Projet de loi ass en éischte Schrëtt zu enger méi partizipativer Demokratie. Duerch dëse Projet de loi kréien d'Bierger dobaussen elo d'Chance sech endlech aktiv an de Beräich vun der Ëmweltpolitik anzemëschen. Ech hoffen op alle Fall, dass se déi Méiglechkeeten och ausnotzen, net dass mir hei eppes an d'Gesetz schreiwen an dann dach dobausse keen dat notze wëllt.

Ech brénge duerfir och dann den Accord vun der CSV-Fraktioun hei eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Den nächste Riedner ass den Här Emile Calmes.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och hei wëll ech dem Rapporteur, dem Här Negri, félicitéiere fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. Et fält mer och schwéier an dësem Fall deem, wat hien hei presentéiert huet respektiv wat mäi Virriedner hei gesot huet, nach vill bäizefügen.

Effektiv ass et esou, datt 1998 déi sou genannt Aarhus-Konventioun an d'Liewe geruff ginn ass. Dat huet mat sech bruecht, datt eng Direktiv aus dem Joer 1990 muss ëmgeännert ginn opgrond vun där mer 1992 e Gesetz dann hei haten iwwert den Accès à l'information respektiv den Droit d'agir en justice fir déi verschidden Associatiounen aus dem Ëmweltberäich.

Et ass dorop higewise ginn, datt et hei drëms geet fir den Accès vum Public un d'Informatiounen net nëmmen ze garantéieren an doduerch d'Politik am Ëmweltberäich méi transparent ze gestalten, mä och déi nei Technologië vun den Informatiounen ze gebrauche fir dem grand public dat méi liicht ze maachen. Dëst dann natierlech ëmmer am Sënn vum Schutz vun eiser Ëmwelt, vun der Natur. Et muss hei ënnerstrach ginn, datt d'Natur, d'Ëmwelt sech net selwer ka verteidegen, si selwer kann net schwätzen an net schreiwen, fir sech ze verteidegen, esou datt aner Leit dat maache mussen.

Ganz oft gëtt vun den Ëmweltorganisatioune kritiséiert, datt dat hei net wäit genuch geet oder net séier genuch virugeet. Et muss ee just drun erënneren, datt mer fir deen éischte Volet vun der Aarhus-Konventioun, dem Accès à l'information, Direktiven hunn. Fir deen zweeten, d'Participation du public au processus décisionnel, ass och eng Direktiv do, wou mer jo dann herno dat an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung afléisse loossen. Fir den Accès à la justice ass a sech d'Konventioun do, déi een och als Basis duerfir kéint huelen, déi awer nach net um européesche Niveau geregelt ass, wou awer eng Direktiv an Ausaarbechtung ass.

Et gëtt elo gesot, dat hei géif dann och net séier genuch goen. Et muss ee soen, datt d'Ëmweltlégislatioun dach awer eng relativ nei Législatioun ass an aner Législatiounen hunn awer vill méi laang Zäit gebraucht fir verbessert ze ginn, wat d'Informatioun ugeet, wéi dat bei der Ëmweltlégislatioun hei de Fall war. Net méi spéit wéi haut hu mer dräi Gesetzer iwwert dat hei. Bon, déi eng mengen et géif net wäit genuch goen, déi aner mengen et géif ze wäit goen. Ech mengen et läit och un der Politk hei dee gëllene Mëttelwee ze fannen, well dat eent muss net onbedéngt gutt sinn, a mäi Virriedner huet jo dorop higewisen.

Et ass net gutt, datt d'Décisiounen am dunklen Kämmerlein geholl ginn. Ech mengen et soll ee schonn esou vill Transparenz wéi méiglech an d'Décisiounen och am Ëmweltberäich eranhuelen. Op där anerer Säit muss een awer och oppassen, datt mer net ze vill Hemmschong an d'wirtschaftlech Entwécklung leeën. Ech mengen dee gëllene Mëttelwee wier hei dee richtegen. Et ass och dat wat mir als Fraktioun vun der Demokratescher Partei kënnen ënnerstëtzen.

Duerfir kann ech dann den Accord am Numm vun eiser Fraktioun hei brénge an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Camille Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen Dir kënnt mech verstoen, ech hunn eng relativ elle Gripp erwëscht. Ech hoffe bis auf weiteres, dass et net d'Vullegripp ass, a wann et déi sollt sinn, da géing ech lech selbstverständlech mat Zäit informéieren.

(Brouhaha général)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll et direkt am Ufank soen: Déi Gréng wäerte sech enthale bei dësem Projet. Op där enger Säit si mir selbstverständlech frou iwwer Fortschrëtter, déi hei festgehale ginn am Beräich vum Droit à l'information, wat d'Ëmwelt ubelaangt, mä mir stellen awer zur gläicher Zäit fest, dass mer am Beräich vum Accès à la justice net méi an net manner maache wéi de Status quo vun 1992 ze zementéieren.

Et ass flott ze gesinn, dass mer elo den éischte Pilier vun der Aarhus-Konventioun ëmsetzen, an do kann een tatsächlech vun engem Qualitéitssprong wat d'Recht op Informatioun am Ëmweltberäich ubelaangt schwätzen. Jo, et kann ee scho bal vun engem Paradigmewiessel ausgoen. Tatsächlech war et bis elo esou, dass, wa Bierger a Biergerinne gären Informatioun gehat hätten, se d'Verwaltungen an d'Gemengen hu misse froen. Haut ass et schonn esou, wann Der den Text genau gelies hutt, dass d'office Verwaltungen a Gemengen eng ganz Rei relevant Informatiounen iwwert d'Ëmwelt mussen zur Verfügung stellen, ouni dass iwwerhaapt ee se freet.

Dat ass sécherlech scho revolutionär an duerfir mengen ech awer och, dass et net duergeet an deem ganze Kontext do elo haut dat Gesetz hei ze stëmmen an ze mengen da géing dat do funktionéieren. Ech menge schonn, dass eng gréisser ugeluechte Sensibiliséierungscampagne bei de Verwaltungen an och bei de Gemengen néideg wier, well ech kennen, Här President, Verwaltungen an och Gemengen, déi sech haut, 13 Joer no der Verabschiedung vum Gesetz vun 1992, nach schwéier dinn iwwerhaapt, souguer wa Leit Informatioune froen, déi néideg Informatiounen zügeg erauszeginn. Ëmsou méi schwéier kann ech mer virstellen, dass déi Verwaltungen an déi Gemenge sech wäerte mat deem neie Gesetz dinn. Duerfir wier et gutt wann hinne géif geholl ef ginn.

Ech mengen awer och, dass dat hei e Beräich ass, wou d'Regierung ka beweisen, wéi eescht se et mat eLuxembourg mengt. Déi nei Technologien offréiere sécherlech eng Hällewull vu Méiglechkeeten, den Zougang zu Informatiounen am Ëmweltberäich ze erliichteren, mä da muss ee se awer och effikass asetzen. A wann een op eng Rei Homepagë vu gewësse Ministërë geet, dann zweifelt een awer nach heiansdo drun, ob mer dat esou richteg am Grëff hunn.

Deslescht wollt ech gewësse Saachen um Familljeministère kucke goen. Du sinn ech op d'Homepage gaangen, a wat stoung do? De Programm vun der Présidence vum éischte Semester vun 2005. Dat ass net grad déi aktuellsten an déi dréngendst Informatioun, déi mer brauche géingen. Do schéngt et also wéi wann nach villes ze maache wier. A wa mer dat hei wierklech eescht huelen, wat an deem Gesetz steet, da mussen, mengen ech, nach eng Rei Effortë gemaach ginn.

Ech muss awer dem Ëmweltminister a senger Verwaltung zougestoen, dass do grouss Effortë gemaach gi sinn, an dass een haut schonn op der Homepage vum Ëmweltministère, mä virun allem awer och vun der Ëmweltverwal-

tung sech ganz gutt kann dokumentéieren an eng ganz Rei wichteg Informatioune fënnt. Do kann ee schonn och e Kompliment ausdrécken.

Ech wéilt och dem Ëmweltminister suggéréieren, vläicht Kontakt mam Gemengesyndikat SIGI opzehuelen, fir zesumme mat der Ëmweltverwaltung vläicht e Plang opzestellen, a wéi enger Form dass da Gemengen och sollte vun hinne gehalen Informatiounen, vläicht och an enger koordinéierter Form, no bausse bréngen, sief dat Kopië vu Kommodosgenehmegungen, sief dat Analysë vun hirem Drénkwaasser. Et wier jo flott, wa Leit, déi an hirer Gemeng wëllen dat kucke goen, net op all Gemeng een anere System géinge fanne wéi dat presentéiert wier. Vläicht wier eng Koordinatioun mam SIGI wënschenswäert a vläicht kéint een do eng flott Aarbecht maachen, fir dass Leit sech och bei deenen 116 verschiddene Gemengen erëmfannen. Dat sinn alles Saachen, déi mir begréissen a wou mir och erwaarden, dass eng grouss Sensibiliséierungscampagne geschitt.

Mir bedaueren awer, Här President, dass mer et net fäerdeg bruecht hunn am Kader vun dësem Gesetz gradesou e Qualitéitssprong am Beräich vum Accès à la justice, besonnesch fir d'ONGen, ze maachen. Ech menge schonn, dass mer d'Geleeënheet gehat hätten. Am Kontext vum Artikel 6.5 hu mer jo souwisou elo schlussendlech d'Bestëmmungen aus dem Joer 1992 iwwerholl, an et waren Iddien do, et waren Texter do. Ech menge schonn, dass et hätt misse méiglech sinn, ee Schrëtt ze maachen. Mä wat hu mer gemaach? Amplaz ee Schrëtt no vir ze maachen zementéiere mer de Status quo vun 1992.

Dat ass an eisen Aen awer duebel bedauerlech, well wierklech d'Bestëmmunge vun 1992 alles, mä net progressiv sinn. Deemools hunn déi unerkannten ONGe wuel d'Recht kritt, am Beräich vu verschiddene Gesetzer awer nëmmen. Ech betounen, dass verschidden Ëmweltgesetzer sech als Partie civile konstituéieren. Mir hunn awer nach ëmmer kee Recht géint individuell Autorisatiounen ze kloen. Dat ass vill manner progressiv wéi an deene meeschten Nopeschlänner, an dat féiert zu esou cocassë Situatiounen, wéi dat Beispill, wat schonn e puermol genannt ginn ass: De Mouvement écologique konnt an der Belsch géint den IKEA kloen, mä kéint mat eiser aktueller Législatioun zum Beispill net géint eng Autorisatioun vun enger SOTEL-s-Leitung kloen. Dat fanne mir wierklech net normal.

Den Ëmweltminister huet eis e puermol an der Kommissioun berouegt a gesot: „D'Regierung wëllt dat do nohuelen. Mir wäerten dat an deenen eenzelne sektorielle Gesetzer maachen." Här President, ech muss awer hei eis Skepsis zum Ausdrock bréngen, an zwar aus dräi verschiddenen Ursaachen:

Éischtens, ech géing och nach dem Ëmweltminister zoutrauen, dass hien dat do wéilt maachen. Ech stelle mer awer e ganz e bësse Froen, wéi de Koalitiounspartner dat do gesäit. Ech hat bei der Verabschiedung vun der Aarhus-Konventioun schonn drop higewisen, dass de Spriecher vun der CSV schonn deemools uklénge gelooss huet, dass si awer relativ skeptesch wäre wat den drëtte Pilier ubelaangt. Alles wat den Här Oberweis haut gesot huet, huet net duerno geklonge wéi wann d'CSV an Tëschenzäit hir Meenung an deem dote Punkt geännert hätt. Et wier och net fir d'éischt, dass eng Rei Kreesser an der CSV, déi der Wirtschaft relativ no stinn, géinge verhënneren, dass den ONGe méi elementar Rechter géingen zougedeelt ginn.

Zweet Ursaach, dass mer skeptesch sinn, dat ass: Wa mer deen do Wee wielen an elo dat do an all sektoriellem Ëmweltgesetz wëllen änneren, da froen ech mech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Wéi laang si mer domadder nach amgaangen? Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, dass scho bei x Geleeënheeten, wann erëm nei Gesetzer komm sinn, am Ëmweltberäich d'ONGen ëmmer erëm versprach kruten: „Dat do geet an d'Rei." Elo diskutéiere mer schonn 13 Joer doriwwer, et ass nach näischt geschitt.

Ech muss lech soen, Här President, mech erënnert dat do ganz e bëssen un dat Spillchen, wat mer elo schonn zënter 20 Joer mat der Impaktstudiendirektiv, wat d'Strooss ubelaangt, dreiwen. Zënter 1985 gëtt et déi européisch Direktiv a bis haut, Här President, ass se fir de Stroossebau an den Eisebunnsbau nach ëmmer net ëmgesat. Ech hunn erëm am Kontext vun dësen Diskussiounen nogefrot. Dann heescht et: „Nach een Amendement a mir sinn derduerch." Ech froe mech wierklech, ob ech nach eng Kéier d'Chance kréien, hei ze erliewen, dass Lëtzebuerg endlech konform ass mat der Impaktstudiendirektiv.

Drëtt Ursaach firwat mer skeptesch sinn ass, dass mer fäerten, dass, wann een dat do esou ugeet an dat an all sektoriellem Gesetz ëmsetzt, ee riskéiert, dass et an deenen eenzelne Gesetzer ganz ënnerschiddlech ëmgesat gëtt.

Den Här Lux weist eis op e Projet de loi am Kontext Kommodo hin, wou hie seet: „Gesitt Der, do maache mer elo schonn deen éischten Effort. D'ONGe kréien d'Recht ënner gewësse Konditiounen ze kloen." Dat gesäit dann op deen éischte Bléck ganz gutt aus. Wann een awer genee hikuckt, da gesäit een, dass am Text steet, dass dat nëmme fir Betriber aus der Annex 3 vun der Direktiv zielt.

Wann ee sech dann emol draknéit, da gëtt ee gewuer, dass mer där Betriber praktesch keng zu Lëtzebuerg hunn. Dat heescht, theoretesch kréien do d'ONGen e kloert Recht géint individuell Autorisatiounen. Mä et gëtt vläicht all 30 Joer eng Kéier esou eng Autorisatioun hei zu Lëtzebuerg ausgedeelt, esou dass dat e reng theoretescht Recht ass. Mir hätten eis do erwaart, dass een zumindest awer all Betriber vun der Klass 1 erageholl hätt.

Den Här Lux äntwert mer dann: „Dat ass an der Aarhus-Konventioun net virgesinn." Do huet e Recht. Mä d'Aarhus-Konventioun – dat steet ganz kloer fest – ass eng A-minima-Konventioun. Dat heescht, näischt verhënnert, dass e Stat méi wäit geet wéi dat, wat effektiv an der Konventioun ass. An ech mengen, et hätt eis gutt zu Gesiicht gestan, dat do Recht op all Betriber vun der Klass 1 auszeweiten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann den Här Lux et bis zum Enn vun der Legislaturperiod fäerdeg bréngt, den Accès à la justice fir d'ONGen an alle sektorielle Gesetzer zefridde stellend ze verankeren, da spendéieren ech ganz gären eng Fläsch Schampes. Dir verstitt awer, Här President, dass ech wéinst deene genanntenen Ursaachen elo grad, awer nach weiderhi relativ skeptesch bleiwen. Duerfir wäerte mir och bei eiser Enthalung bleiwen.

Ech soen lech Merci.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

M. le Président.- Merci, Här Gira. Als nächste Riedner ass agedroen den honorabelen Här Robert Mehlen. Här Mehlen!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och eisersäits e Merci un de Rapporteur. D'Aarhus-Konventioun huet dräi Voleten: Deen éischten ass den Accès à l'information, deen zweeten ass d'Participation du public un den Décisiounen a verschiddenen Aktivitéiten, an den drëtten: den Accès à la justice.

Haut solle mer deen éischten ëmsetzen: den Accès à l'information. Ech wëll direkt soen, datt mir grondsätzlech selbstverständlech domat d'accord sinn. Hei geet et ëm d'Transparenz am Ëmweltberäich. Wa mer soen Ëmwelt, da wësse mer, datt dat jiddferee betrëfft, egal wou e wunnt, egal wou e schafft. Dat ass d'Loft, déi mer alleguer gemeinsam ootmen. Et ass d'Waasser, wat mer consommëieren oder wat mer och fir soss Aktivitéite gebrauchen. Et ass de Buedem op deem eis Nahrungsmëttele wuessen. Et ass de Kaméidi, dee jiddferengem an d'Oueren dréngt. Et sinn entre-temps Strahlungen an elektronesch Wellen. Et kann een och souguer soen, datt d'Klimainformatioune mat drënner falen.

Transparenz ass néideg. Et ass wichteg, dass jiddfereen Zougang zu deenen Informatiounen huet, ouni datt hie sech muss géint Réticencen an der Verwaltung duerchsetzen. Ech wëll drun erënneren, datt dat e grousse Schrëtt ass, well et war nach laang net ëmmer esou. Et ass emol eng Kéier e Statsminister ginn - wann ech mech gutt erënneren, ass et de Virgänger vun deem, deen haut am Hôtel de Bourgogne sëtzt -, deen de Beamten emol eng Kéier ferm e Maulkuerf verpasst hat.

Hei ass et esou, datt mer am Fong geholl duerch d'Gesetz verhënneren, datt esou eppes iwwerhaapt jeemools nach eng Kéier ka passéieren. Datt wéinstens an dësem Beräich, d'Leit d'Recht hunn d'Informatiounen ze froen, an datt mer Gott sei Dank duerch déi nei Technologien d'Méiglechkeet hunn, emol e ganz groussen Deel Informatiounen, déi ee gären hätt, einfach iwwer Internet kënne sichen ze goen.

Selbstverständlech kann een déi Approche nëmme guttheeschen. Mir wäerten duerfir och dat Gesetz hei stëmmen.

Ech wëll ofschléissend soen, et géing eis gutt zu Gesiicht stoen, wa mer dat och an anere Beräicher géingen aféieren. Ech hu virun enger Zäit e ganz interessant Buch gelies vun engem Auteur, deen heescht Hans Leyendecker, an d'Buch heescht „Die Korruptionsfalle". Dee weist drop hin, datt zum Beispill am Beräich vun de Marché-publicen a gewësse skandinavesche Länner alles, wat d'Marché-publicen ubelaangt, muss op sinn. Den Accès à l'information muss jiddferengem fräi zougänglech sinn. Dat fir ze verhënneren, datt munch Saache passéieren, déi am Prinzip net sollten an däerfte passéieren. Mä vläicht komme mer dann och nach eng Kéier dozou.

Jiddefalls gi mir selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Domat ass d'Debatt ofgeschloss. D'Regierung kritt nach d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Den Här Meisch? Hei zum Projet?

M. Claude Meisch *(DP)*.- Jo, jo, information du public.

(Hilarité)

M. le Président.- Jo, et ass…

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President,…

M. le Président.- Ech si just iwwerrascht, well ech dat net wosst, datt den Här Meisch nach géing d'Wuert ergräifen.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Mir si kuerz a schnell entschloss.

M. le Président.- Den Här Meisch huet also d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Merci, Här President. Mir hunn de Mëtten d'Geleeënheet fir iwwer eng Rei vun neie Gesetzer am Ëmweltberäich ze schwätzen. Nu sinn déi sécherlech wichteg an noutwendeg fir de Schutz vun deem Eenzelnen, fir de Schutz vun eiser natierlecher Ëmwelt, op där anerer Säit stinn déi awer och ëmmer erëm am Verdacht. Et ass och dorobber, wou ech eigentlech dann erauswëll, datt doduerch awer déi wirtschaftlech Aktivitéit riskéiert gebremst ze ginn, datt mer doduerch nei Administratiounen an nei Hürde schafe fir eenzel Betriber, déi sech hei am Land wëlle fräi développéieren.

Eppes wat mer jo awer brauchen, grad och an Zäiten, wou mer vu méi Chômage schwätzen. Ech hu grad gelies, datt haut op dem 1. Oktober hei am Land eng Hürd vun 10.000 Chômeuren iwwerstiege ginn ass. Duerfir verstinn ech eigentlech net, datt de Wirtschaftsminister, nodeems hien aus Amerika zréckkomm ass - sécherlech eng sënnvoll Initiativ fir dohinner ze fueren - e ganz pessimistesche Bilan vu senger Rees gemaach huet. Hien huet gesot, datt et eben net vill bruecht hätt dohinner ze fueren, well hien do Froe gestallt kritt hätt, wou hie keng konkret Äntwerten hätt kënnen drop ginn. Wou hie gefrot ginn ass: Wéini, wann ech elo décidéiere mat mengem Betrib op Lëtzebuerg ze kommen, kann ech dann do ufänken? Wéini kann ech mech implantéieren? Wéini hunn ech d'Autorisatiounen?

De Minister huet selwer gesot - a mir hunn et alleguerte gëschter Owend um Radio an op der Tëlee héieren -, datt hie keng Äntwerten op déi dote Froe kéint ginn, well eben eng Rei vun administrativen Hürde mëttlerweil ze héich sinn. An dat kann et jo awer net sinn! Mir sinn eis hei sécherlech eens, datt de Schutz vun deem Eenzelnen, de Schutz vun deem, deen an de Betriber schafft, de Schutz vun der natierlecher Ëmwelt, datt dat eng vun de Prioritéite muss sinn, mä datt mer awer kucke mussen, datt mer dann déi Gesetzer, déi mer stëmmen, an den Délaien och kënnen anhalen, an datt mer déi Autorisatioune schnell kënne ginn.

Virun allem déi Approche, déi de Wirtschaftsminister dobäi hat, ass dat, wat mech an eis demokratesch Fraktioun op jidde Fall hei an dësem Haus stéieren. An ech weess net, ob mer do déi Eenzeg sinn, et géing mech wonneren, an et wär traureg, wa mer déi Eenzeg sinn, déi dorunner Ustouss géingen huelen.

Duerfir, Här President, hunn ech och gemengt, datt et wichteg wär, eng Question urgente ze stellen, fir hei de Minister ze froen, ëm wat fir eng Betriber et dann do geet, wat fir eng Betriber ganz konkret interesséiert waren, fir op Lëtzebuerg ze kommen, an deenen en huet misse soen, hie kéint hinnen op hir Froe keng Äntwert ginn.

Ech wéisst och gär, wat fir eng Administratiounen dann eigentlech do viséiert sinn. Fillt sech hei den Här Lux als Ëmweltminister - en ass jo hei - vläicht ugesprach? Et wär interessant, dat hei de Mëtten awer gewuer ze ginn.

Op jidde Fall wäre mer frou vum Här Krecké dann awer wierklech gesot ze kréien, wat fir eng Administratiounen, wat fir eng Verwaltungen, wat fir eng Ministèren hien dann do viséiert huet.

Eigentlech ass dat eng Failliteerklärung vun der ganzer Regierung, déi mer do gëschter Owend vum Wirtschaftsminister presentéiert kritt hunn,…

(Interruption)

…wann hien einfach esou seet, hie kéint do näischt maachen, et kéint ee keng nei Betriber méi an d'Land huelen, well d'Administratiounen net schnell genuch schaffen. An d'Regierung mécht jo offensichtlech näischt dergéint, an et ass…

(Interruptions diverses)

Mir schwätzen hei iwwer Informatioun; mir schwätzen hei iwwer Ëmweltgesetzer; mir schwätzen och iwwert d'Konsequenze vun enger Rei vun Ëmweltgesetzer. A mir schwätzen hei, Här President, vun Information au public, an do muss ech mech awer wonneren, wann elo hei Kolleegen am Haus soen, mir dierften iwwer esou wichteg Problemer, déi eist Land jo offensichtlech huet an op déi Ministeren opmierksam maachen, hei an dësem Haus net schwätzen!

(Interruption)

Wann den Här President d'Urgence vun där Fro do unerkannt hätt, dann hätte mer kënnen an engem anere Kontext doriwwer schwätzen. An och do, wa mer haut de Mëtten iwwer Information au public schwätzen, da fannen ech et traureg, datt mer net d'Geleeënheet kritt hunn, aneschters iwwert dee Sujet hei ze schwätzen, well et ass allemol derwäert, fir iwwerhaapt doriwwer ze schwätzen.

Eis interesséiert eben och, wat d'Regierung maache wëllt, net nëmmen de Wirtschaftsminister, well déi ganz Regierung…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst elo emol den Här Meisch a Rou seng Ausféierunge maachen.

M. Claude Meisch *(DP)*.- …, well déi ganz Regierung ass hei concernéiert.

Den Ëmweltminister wäert eis mat Sécherheet elo direkt dorobber eng Äntwert ginn, wat hie wëlles huet a sengen Departementer ze maachen, fir datt et méi schnell geet, datt mer méi schnell kënnen äntwerten, datt mer méi schnell Autorisatioune kënne ginn.

Ech sinn eigentlech optimistesch, datt déi Fro do oder déi Ausso vum Wirtschaftsminister dozou bäigedroen huet, eis alleguerten e Stéckelche waakreg ze maachen, virun allem d'Regierung waakreg ze maachen.

Mir als Demokratesch Partei wäerten dohannert bleiwen, datt mer Opklärung kréien iwwert dee Problem do, a virun allem datt mer an enger Rei vu Wochen hei iwwer konkret Propositioune vun der Regierung kënnen diskutéieren, fir dee Malaise do opzehiewen.

Ech soen lech Merci.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dir hat fënnef Joer Zäit, fir dat do ze maachen, Här Meisch.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Fënnef Joer!

M. le Président.- Den Här Mehlen wëllt nach eng Zousazremarque maachen, wann ech dat richteg verstinn.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Ech wollt dem Orateur eng Fro stellen, Här President. Ech wollt hie froen, wat fir eng Partei fënnef Joer laang de Statssekretär fir d'Réforme an d'Simplification administratives hat.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Wann Dir déi Äntwert net selwer wësst, gehéiert Dir net heihinner.

(Hilarité)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Ech wollt et vun lech selwer héieren.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, där Remarque ass eigentlech näischt dobäizefügen.

Ech wëll awer nach soen, datt déi Zäit, wou eise jëtzege Fraktiounschef, den Henri Grethen, Wirtschaftsminister war, hie sech zesumme mat Verwaltungen, zesumme mat Gemengen un den Dësch gesat huet, zesumme mat deene Betriber, déi interesséiert waren op Lëtzebuerg ze kommen, fir dann déi dote Problemer ze léisen an do

huet et dann och iergendwéi geklappt.

Et ass eben déi Attitüd vum Wirtschaftsminister, déi eis stéiert, fir ze soen: „Ech kann näischt maachen.“ Dat stëmmt net, hie kéint eppes maachen!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Ech weess net, ob den Här Minister Lux och hei fir den Här Minister Krecké zoustänneg ass, mä op jidde Fall kritt elo emol den Här Minister Lux d'Wuert zu dësem Projet de loi…

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Dat ass ganz léif.

M. le Président.- …an zu de Remarquen, déi d'Deputéierte gemaach hunn.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt vläicht mat deem Leschten ufänken, nämlech där ganz galanter Aart a Weis vum Här Meisch, fir awer zu senger Question urgente ze kommen, andeem ech natierlech soen, dass de Wirtschaftsminister selwer sech sécherlech wäert eng Freed maachen, fir eis ze explizéieren, wat hie mat sengen Aussoe gemengt huet am Prezisen.

Ech ka fir mäin Deel soen - dat war jo déi Fro, déi Dir u mech geriicht hutt -, datt ech an der éischter Woch vum September vun dësem Joer, dat ass also net laang hier, déi dräi Patronatsfederatiounen: d'FEDIL, d'Confédération luxembourgeoise du Commerce an d'Fédération des Artisans empfaangen hunn, fir mat hinnen allen dräi ze schwätzen iwwer hir Relatioune mat dem Ëmweltministère a mat der Ëmweltverwaltung.

Ech hu vun hinnen allen dräi gesot kritt, dass se ganz zefridde wären iwwert déi Aart a Weis, wéi se géinge behandelt ginn. Mir hunn zréckbehalen, dass mer an der drëtter Woch vum Januar d'nächst Joer eis géingen e ganzen Dag zesummesetzen, fir am Detail am Kommodo nach déi eng oder déi aner Verbesserungen ze maachen, zum Beispill fir ISO-Standardmoossen ze huelen, déi et nach méi schnell géife maachen.

Mä déi dräi ware ganz zefridden, esou dass, wann also geschwat gëtt dobaussen iwwert d'Lourdeur administrative, den Ëmweltminister sech net betraff fillt, well hien d'Gefill huet, dass dat a senge Verwaltungen, besonnesch wat de Kommodo ubelaangt, mä och wat d'Naturschutzgesetz ubelaangt, ganz gutt fonctionnéiert.

Ech wëll iwwregens soen, dass dat ganz gutt fonctionnéiert a ganz schnell geet, net nëmme wann den Ëmweltminister Jo seet - wat a 95% de Fall ass -, mä och wann hien Nee seet, wéi zum Beispill am Zesummenhang mat der Héichspannungsleitung vun der SOTEL, wou, Här Meisch, Dir jo mat mir enger Meenung waart als Buergermeeschter vun Déifferdeng, dass mer do sollen Nee soen.

Et ass deementspriechend gutt, dass mer, souwuel wa mer Jo soe wéi wa mer Nee soen, dat schnell maachen. Jiddefalls am Ministère an an der Verwaltung hunn ech d'Gefill, dass dat ganz gutt fonctionnéiert.

Zu dem Gesetz selwer wollt ech ganz kuerz schwätzen, well ech mengen, datt de Rapporteur, den Här Negri, esou wéi mir dat jo scho vun him gewinnt sinn, dat wéi ëmmer souwuel an der Kommissioun wéi och hei op eng excellent Aart a Weis gemaach huet. Déi eenzel Riedner sinn och nach eng Kéier op déi dräi Voleten agaangen.

Ech wëll vläicht dofir just Stellung huelen, engersäits zum Volet 1, dee mer haut gemaach hu mat dem Droit à l'information. Do wollt ech just drun erënneren, dass deen Droit à l'information an déi Ëmsetzung jo net nëmme gëlle fir de Stat, mä do wëll ech eng Kéier ganz prezis soen, dass dat hei all öffentlech Institutiounen, och d'Gemengen, och d'Gemengesyndikater betrëfft. Ech mengen, et ass also méi breet ze gesinn, wéi et nëmmen eleng ze focaliséieren op dem Stat seng Verwaltungen a Ministèren.

Ech denken och, dass et richteg ass bei eLëtzebuerg - ech mengen de Kolleeg Gira huet dat gesot - de Versuch ze maachen, nach do méi wäit ze kommen. Ech war frou, dass hien den Internetsite vum Ëmweltministère genannt huet, an ech wëll dozou vläicht och soen, dass mer dëst Joer an engem Concours vun 120 europäeschen Ëmweltsiten, déi kontrolléiert gi sinn, op déi drëtt Plaz komm sinn.

Ech mengen, et ass fir d'Mataarbechter, déi dat do maachen, och eng Kéier hei ervirzehiewen, dass do e ganz groussen Effort gemaach gëtt, fir schnell aktualiséiert Informatiounen erauszeginn, déi eis dann och weiderbréngen.

Et däerft ee vläicht en passant awer och soen, dass mat deem heite Gesetz elo net, wann et am Mémorial steet, d'Informatiounsflicht ugeet. Ech mengen, dass och haut schonn, souwuel beim Stat wéi an de Gemengen, dach awer d'Bierger net ëmmer nëmme virun zouenen Diere stinn an net befriddegt ginn an hiren Demanden, déi se hunn. Hei gëtt et elo e Recht, dat ass de Sprong, dee mer hei maachen. Et gëtt e Recht. Et ass en aklobaart Recht, wat een huet.

Mir hunn och eng Méiglechkeet, wann e Refus virläit, fir schnell iwwer e Référé kënnen eng Décisioun ze kréien. An deem Sënn ass et ee Sprong, dee mer hei maachen, ouni awer, wéi gesot, dass dat elo totaalt Neiland ass.

Vum zweete Volet, deem vun der Partizipatioun, si mer amgaangen - net nëmmen an der Ëmweltkommissioun, mä och an anere Kommissiounen - d'Ëmsetzung ze maachen. Ech hoffen, dass mer do schnell virukommen, wann en Amendement vun der Bautekommissioun nach beaarbecht ass beim Conseil d'État, dass mer dann och déi Méiglechkeet kréien, um Volet 2 weiderzekommen.

De grousse Problem ass ouni Zweifel den drëtte Volet vun der Aarhus-Konventioun, nämlech den Accès à la justice. Ech muss awer soen, an ech bleiwen dobäi, och nodeem wat mer an der Kommissioun dru geschafft hunn, dass de Qualitéitssprong - an duerfir verstinn ech net esou richteg d'Abstentioun vun deene Gréngen haut de Mëtte bei dësem Deel vun der Aarhus-Konventioun -, dee mer gemaach hu beim Accès à la justice d'Ratifikatioun war vun der Konventioun vun Aarhus hei an der Chamber virun der grousser Vakanz. Domadder ass de Prinzip vum Accès à la justice consacréiert ginn, an ech kommen nach eng Kéier zréck op deen Avis…

(Interruption)

Dir sot, mir hätten déi hei verpasst. Net nëmme war dat hei eng aner Geleeënheet - hei hu mer iwwert den Accès à l'information geschwat -, mä mir haten deemools eng Majoritéit heibannen - ech mengen, et war souguer eng Unanimitéit bei der Ratifizéierung.

Ech wëll nach eng Kéier zitéieren, wat de Service juridique vum Ministère eis an engem Avis virgeluecht huet an der Kommissioun, fir ze soen: «Il est permis d'affirmer que la question de l'effet direct de la convention d'Aarhus est réel et non pas purement théorique», well en och zur Konklusioun kënnt, och op Grond vu Jurisprudenzen an anere Länner, déi d'Aarhus-Konventioun schonn an hiert nationaalt Recht ëmgesat hunn, dass hei eng direkt Applikatioun scho wäert gesi ginn. Ech mengen, dat ass also de Paradigmewiessel, dee mer op deem Gebitt gemaach hunn.

Elo ass et kloer, wa mer an europäesche Gefilde bleiwen, dass fir déi Direktiv, déi op Grond vum drëtte Volet vun der Konventioun vun Aarhus misst geholl ginn, fir dat do prezis an déi eenzel Gesetzer nach ëmzesetzen, sech keng Begeeschterung fënnt. Ech hunn hei schonn eng Kéier bei der Diskussioun iwwer Aarhus gesot, dass ënner eiser Présidence genau zwee Länner vu 25 oder vu 24, vu dass mir keng Meenung ausgedréckt hunn als Présidence, gesot hu mir sollen op deem Gebitt weiderfueren, fir déi Aarbechten ze féieren.

D'britesch Présidence mécht um Gebitt vun dem Accès à la justice näischt, guer näischt, an ech hat d'lescht Woch e Gespréich mam éisträicheschen Ëmweltminister, deen d'Présidence vum 1. Januar un iwwerhëlt, an och bei deem ass et an de Prioritéite vun hirer Présidence net virgesinn op deem Gebitt do eppes weider ze maachen, esou dass et kee Sënn huet op eng Direktiv ze waarden. Mir mussen d'Ratifikatioun vun der Konventioun vun Aarhus, déi hei eestëmmeg décidéiert ginn ass, als de Point de départ huelen, fir an de sektorielle Gesetzer, also vertikal, all Kéiers do wou mer d'Geleeënheet hunn, elo dat nach ze preziséieren, mä wa sech eng Kéier ee Fall stellt, da mengen ech schonn, dass d'Konventioun vun Aarhus genuch hiergëtt, fir dass d'Geriichter deem Accès à la justice vun den ONGen och géife Rechnung droen.

Et ass als Beispill gesot ginn, an ech sinn net responsabel hei fir déi eng oder aner Fraktioun aus der Majoritéit, mä Tatsaach ass, dass d'Regierung bei der éischte Kéier, wou se dat virleien hat, beim Gesetz iwwert de Kommodo-Inkommodo, do den Text hei deponéiert huet, deen elo beim Conseil d'État läit pour avis, wou den Accès à la justice esou virgesinn ass wéi an der Konventioun vun Aarhus.

Awer an där Konventioun, ech menge mir setzen elo dat ëm, a wann Dir sot dat betrëfft dann nëmmen déi grouss Betriber innerhalb vun den IPCC zum Beispill an den IEE, mä ech mengen, dat ass dat wat an der Konventioun vun Aarhus virgesinn ass. Mir hunn eis an der Regierungserklärung engagéiert dat ëmzesetzen an ech mengen et ass och dat wat mer da maachen.

Bei anere Gesetzer, déi elo kommen, et ass nach e Gesetz iwwert d'Décheten deponéiert an da gëtt dat och nach eng Kéier d'Geleeënheet dat op de Métier ze huelen an ze kucken, ob ee bei där Geleeënheet nach an engem Amendement, dee mer an der Kommissioun da kënnen diskutéieren, dat och mécht.

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Walfer *um Kanal S29 / 367.25 Mhz*

•

Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Biermereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Dikrech *um Kanal S19 / 287.25 MHZ*

•

Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Hiefenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Duerfir gëllt den Engagement vun der Regierung fir beim Accès à la justice déi Ëmsetzung vertikal, net horizontal, an deenen eenzelne Gesetzer elo ze preziséieren en sachant bien dass de Qualitéitssprong, dee mer gemaach hunn, hei d'Transpositioun vun der Konventioun vun Aarhus war, an haut ze preziséieren duerch e Recht wat de Bierger haut huet, fir Ëmweltinformatioune bei alle staatlechen a parastaatlechen Entreprisen ze kréien. Ech mengen, dat ass e Sprong no vir, deen allemol verdéngt hätt, dass mer hei eng Unanimitéit gehat hätten.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5217 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Laurent Mosar), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz (par M. Patrick Santer), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Niki Bettendorf (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 5445. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Calmes, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Negri.

Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

7. 5445 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur les registres des rejets et transferts de polluants, signé à Kiev, le 21 mai 2003

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, am Projet de loi 5445 gi mer gefrot dem Protokoll vu Kiew zouzestëmmen, dee sech mat dem Enregistréiere vum Ausstouss an den Transfertë vu Stoffer befaasst, déi der Ëmwelt schueden. Dëse Protokoll gouf den 21. Mee 2003 zu Kiew vun de Parteie vun der Aarhus-Konventioun ënnerschriwwen am Kader vun der Informatiounspolitik, déi dës Konventioun virgesäit.

D'Aarhus-Konventioun hält dozou an hirem Artikel 5 iwwert d'Sammelen an d'Verbreede vun Ëmweltinformatioune fest, dass déi Staten, déi der Konventioun ugehéieren, op nationalem Niveau e kohärente System aféieren, fir d'Donnéeën iwwer Polluanten ze registréieren. Si sollen dëse System wa méiglech op internationalem Niveau ofgläichen a mat Hëllef vu standardiséierte Formulairen dofir suergen, dass bestëmmten Entreprisen, déi Schuedstoffer fräisetzen, regelméisseg Informatioune mussen dozou ofginn ëm wat fir eng Offallstoffer et sech handelt an engem spezifesche Beräich a wat domadder geschitt. Op Grond vun dësen Donnéeë soll dann e Regëster opgestallt ginn, dee fir de Public zougängeg ass.

Mat der Ratifizéierung vum Protokoll vu Kiew verflichte sech Staten esou e Regëster no genau definéierte Kritären unzeleeën. Fir d'EU-Länner ass dat net wierklech eppes ganz Neies, well si hu schonn e Regëster. Am Prinzip muss dee bestehende System deemno just ausgeweit an ugepasst ginn. Den neie Regëster heescht dann och net méi EPER, European Pollutant Emission Register, mä Pollutant Release and Transfer Register, kuerz PRTR genannt.

Bis elo ass et esou, dass d'EU-Direktiv 96/61/CE, déi méi bekannt ass ënnert dem Numm IPPC-Direktiv, Integrated Pollution Prevention and Control, an hirem Artikel 15 virschreift, dass d'Memberstaten den Inventaire erstellen an d'Informatioun iwwert den Ausstouss vu Schuedstoffer a Verursacher un d'Kommissioun weiderleeden. All dräi Joer ginn dës Donnéeën da vun der Kommissioun veröffentlecht. Ënnert dem Numm EPER gouf op eng Décisioun vun der Kommissioun hin esou een europäesche Regëster geschaf, deen zënter Februar 2004 fonctionnéiert. Och wann dëse Regëster a villen Hisiichten de Fuerderunge vum Protokoll vu Kiew entsprécht, esou geet dëse Protokoll awer elo hei ee Stéck iwwert dat eraus wat d'EPER am Moment leescht.

Erfaasst ginn net nëmmen d'Emissiounen a Loft an a Waasser, mä och d'Verschmotzung vum Buedem. Den EPER erfaasst am Moment 50 verschidde schiedlech Stoffer, den neie Regëster PRTR wäert der 86 erfaassen. Den EPER gesäit vir, dass bestëmmten Typë vun Entreprisen, déi e bestëmmte Seuil vun Emissiounen iwwerschreiden, musse genau Informatiounen iwwert dës Emissioune weiderginn. Dem Protokoll vu Kiew no sollen awer och aner Quelle vu schiedleche Substanze mat berücksichtegt ginn, wéi zum Beispill de Verkéier.

Den neie Regëster soll net nëmme méi all dräi Joer aktualiséiert a veröffentlecht ginn, mä all Joer. Nei ass och, dass d'Bierger beim Zesummestelle vun dësem Regëster sollen e Wuert kënne matschwätzen. Fir dass de Protokoll vu Kiew op EU-Niveau kann ëmgesat gi musse souwuel déi virdru genannten IPPC-Direktiv iwwert d'Vermeiden an d'Reproduzéiere vun Emissioune verännert ginn, wéi och déi modifizéiert Direktiv 91/689/CE iwwert d'geféierlech Offallstoffer. Dës Ëmsetzung vum Protokoll vu Kiew wäert an deenen nächste Wochen iwwer en europäescht Reglement gemaach ginn, dat en integréierte Regëster fir den Ausstouss an d'Transfertë vun ëmweltschiedleche Stoffer schaaft an den aktuellen EPER-System ersetzt.

Här President, wat bedeit dat do alles fir Lëtzebuerg? De Gesetzesprojet 5445, deen elo hei virläit, gouf den 23. Februar 2005 an der Chamber deponéiert. Nom Statsrot sengem Avis vum 5. Juli gouf ech de 27. September als Rapporteur bestëmmt. De Rapport hunn ech der Ëmweltkommissioun den 20. Oktober presentéiert, wou en och adoptéiert ginn ass.

Aus dem Protokoll vu Kiew dränge sech um nationale Plang eng Modifikatioun vum Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwert d'Établissements classés op, esou wéi de Statsrot dat och a sengem Avis festgehalen huet. Dëse respektive Projet de loi ass och schonn deponéiert ginn ënnert der Nummer 5453. Dem Statsrot säin Avis läit och scho vir a mir wäerten eis als nächst an der Ëmweltkommissioun domat befaassen, fir en hei an der Chamber kënnen esou séier wéi méiglech ze presentéieren.

D'Ëmsetzung vum Protokoll vu Kiew geschitt och am Kader vun enger Reform, déi de Bierger d'Ëmweltpolitik méi no brénge soll. Fir si ass jo net méi déi komplizéiert Entstehungsprozedur wichteg, mä wichteg ass d'Resultat, wat herno dobäi erauskënnt.

Wa mer dat alles, wat mer elo gesot hunn a wat de Protokoll vu Kiew virgesäit, an d'Praxis ëmsetzen, wäert et fir d'Bierger ganz einfach sinn, sech doriwwer ze informéieren, wat fir eng Zort vun Aktivitéit wat fir eng schiedlech Substanze fräisetzt an a wat fir enger Quantitéit. D'Bierger kënne sech doriwwer informéieren, wat mat deene Substanze geschitt a si kënnen aktiv dorun deelhuelen, dass déi Informatiounen, déi si do kréien, am Laf vun der Zäit nach méi komplett an nach méi einfach zougänglech sinn.

Mir hoffen op dës Manéier méi eng grouss Sensibilitéit bei de Leit fir dëse Sujet ze erreechen an domadder den Drock op d'Verursacher vun der Ëmweltverschmotzung ze erhéijen, esou dass si sech verstäerkt dorëm beméien hir Emissiounen am Sënn vum Kyoto-Protokoll ze reduzéieren. Duerfir ass et och positiv, dass de Regëster, dee soll geschaf ginn, och diffus Quelle mat erfaasst, fir dass net den Androck entsteet, dass déi Dosen Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg concernéiert sinn, ganz eleng fir d'Verschmotzung vun eiser Ëmwelt verantwortlech sinn. Et geet eben net duer, dass een deenen Entreprisen héich Ëmweltoplage mécht. Mir mussen et och fäerdeg brénge, den Individualverkéier, dee ganz wesentlech zu eisen héijen Emissioune bäidréit, ze reduzéieren.

Heimat brénge ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den éischte Riedner ass den honorabelen Här Oberweis. Här Oberweis!

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank erëm eng Kéier dem Roger Negri Merci ze soe fir dee Rapport, deen hie gemaach huet, schréftlecher a mëndlecher Aart.

Mir hunn et hei de Mëtteg quasi mat der Ëmwelt ze dinn. Et geet ëm ee weidere Protokoll am Ëmweltschutz; et ass elo grad ausféierlech gesot ginn. An der Rumm vun der Aarhus-Konferenz zu Kiew ass et den 21. Mee 2003 zu dësem Unhuele komm. Am Ganzen hunn do 36 Länner matgemaach.

(Interruption)

Ech wëll et och kuerz maachen. Et ass scho villes hei gesot ginn. D'Haaptzil vum Protokoll besteet an der Kreatioun vun engem nationale Register, dem sou genannte PRTR, an deen dann d'Emissiounen an den Transfert vu schiedleche Stoffer ageschriwwe solle ginn. Doduerch soll engersäits eis Natur viru geféierlechen Agréffer geschützt ginn, an d'Matbierger sollen awer och méi ee groussen Abléck an déi sou genannten Ëmweltpolitik kréien.

86 schiedlech Stoffer, déi an déi natierlech Liewensressourcen: de Buedem, d'Waasser an d'Loft agefouert kënne ginn, mussen an dee Register ageschriwwe ginn. Et läit hei op der Hand, dass de Public via déi modern Telekommunikatiounselementer, wéi den Internet, all déi Informatioune gratis kann agesinn.

D'Informatiounen hunn ee villfältege Charakter. Engersäits d'Emissioune vun Treibhausgase vun engem Betrib, d'Stoffer, déi fir de sauere Ree responsabel sinn, d'Fräisetzung vu Schwéiermetaller oder gëftege Substanze wéi Dioxin a Furanen. An doriwwer eraus sollen d'Matbierger och an de Prozess vun der Ausaarbechtung vun dem Register agebonne ginn. Och dat ass hei nei.

An hirem Rapport schwätzt sech d'Chambre des Métiers zum Beispill duerfir aus, dass dëse Register vun de kompetenten Autoritéiten opgestallt soll ginn an net vun de Betriber. Déi wëllen awer hir Hëllef gäre mat erabréngen, well si si scho mat aneren Aufgaben iwwerlaascht.

Da kann een och an deem Zesummenhang drop hiweisen, dass een europäesche Register vun den Emissioune vu Schuedstoffer, den EPER, schonn zënter dem Joer 2004 besteet. Dee renseignéiert eis iwwer zwielef Betriber hei am Land an e weist och d'Donnéeën iwwer zwielef Schuedstoffer aus. Sécher sinn et der nach méi, mä mir sollen emol ufänke mat den zwielef éischten, an da gesi mer virun.

De virleiende Protokoll vu Kiew gesäit, wéi gesot, d'Schafung vun dem nationale Register vir. Well dee Register méi Informatiounen opweise soll, kann deen anere Register, den EPER, elo iwwerholl ginn. Domat brauche mer och net d'Gesetzgebung iwwert de Kommodo-Inkommodo ze änneren, well all déi néideg Informatioune ginn duerch dësen neie Register ofgedeckt.

Dee Punkt ass awer nach interessant, well et gëtt jo geschwat vun Emissiounen a vun Transfert. Am Artikel 7 gëtt extra dorop higewisen, dass iwwert d'Tonnagë vun de Schuedstoffer Informatioune musse bruecht ginn. Sou muss zum Beispill all Betrib, deen am Joer iwwer zwou Tonne geféierlech Stoffer eraustransferéiert, dat mellen, oder awer een, deen 2.000 Tonnen aner Offäll am Joer produzéiert, muss duerfir suergen, dass säi Betrib domadder am Register ageschriwwe gëtt. Och muss gesot ginn, wat mat de Stoffer geschitt, wéi se recycled oder eliminéiert ginn.

Nach ee lescht Wuert zu der internationaler Kooperatioun. Dir wësst jo alleguerten, dass Lëtzebuerg e klengt Land ass, an all Emissioun oder Transferten, déi am Ausland emittéiert ginn, och bei eis hir schiedlech Wierkunge kënnen droen. Duerfir muss derfir gesuergt ginn, dass all déi Partner, déi dëse Kiew-Protokoll ënnerschriwwen hunn, all déi néideg Informatiounen iwwert d'Emissiounen an d'Transferten erausginn an och austauschen. Iwwert déi international Gremie soll duerfir gesuergt ginn, dass de Public fir dës Thematik sensibiliséiert gëtt. An duerch d'Notzung vun den Ëmwelttechnologië muss den Ausstouss vu Schuedstoffer reduzéiert ginn.

Mir hu virdru gehéiert - dat ass jo elo wichteg fir eis Betriber -, dass déi scho vill Engagementer am Beräich vum Ëmweltschutz geholl hunn. Wéi vill Betriber kréien hei am Land Ëmweltpräisser fir hir gutt Politik, déi se am Sënn vun der Ëmwelt an och vum Mënsch senger Gesondheet maachen?

Am Numm vun der CSV-Fraktioun brénge och ech heimat den Accord a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Den Här Calmes huet als Nächsten d'Wuert. Här Calmes!

M. Emile Calmes *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass just fir dem Här Rapporteur fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport ze félicitéieren. Deem ass näischt méi bäizefügen. Et ass eben een Aarhus-Nomëtteg, dee mer haut hei hunn. Alles huet domat ze dinn. Do ka kee kommen a soen déi viregt Regierung hätt näischt gemaach fir dem Public…

Une voix.- Dat ass net richteg.

M. Emile Calmes *(DP).*- …méi Informatioun zouzegestoen. Wéi gesot, hei geet et ëm e Register, wou dann déi polluant Rejeten alleguer sollen opgefouert ginn. Elo emol an enger éischter Phas um nationalen Niveau. Mä esou wéi ech iergendwou gelies hunn, soll dat Ganzt da jo an een europäesche Register iwwergoen, fir dat dann nach méi transparent a grenziwwerschreidend ze gestalten.

Wéi gesot, dat hei ass ee ganz gutt Gesetz an et geet an déi richteg Richtung virun. An deem Sënn kann ech den Accord och vun eiser Fraktioun zu deem Gesetz hei brénge.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Den nächste Riedner ass den Här Gira. Här Gira!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, den Här Rapporteur a meng Virriedner hunn alles gesot. Ech brénge just nach d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Den Här Mehlen kritt dann d'Wuert. Här Mehlen!

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, et ass net fir nach eng Kéier op de Continu vum Gesetz anzegoen. Ech wëll och dem Rapporteur Merci soen. Ech hu vläicht eppes net richteg verstanen. An Ärem schréftleche Rapport haalt Dir fest, datt: «En résumé une adaptation de la législation commodo/incommodo n'est pas nécessaire et ceci pour les arguments suivants:», dann zielt Dir déi dräi op. Ech hu gemengt an Ärem mëndleche Rapport wier duerchgeklongen, datt dat dann elo awer géing gemaach ginn, vu datt de Projet déposéiert wier. Iergendwou hunn ech gemengt, eng Kontradiktioun doran ze spieren. Vläicht kënnt Dir eng Explikatioun dozou ginn.

Ech wëll awer generell soen, datt mir selbstverständlech och dëse Projet, dee sech an déiselwecht Linn wéi déi virdrun areit, wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

(Interruption)

M. le Président.- Här Mehlen, Merci. Dann den Här Minister Lucien Lux. Här Lux!

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Merci, Här President. Ech wëll ganz kuerz der Chamber Merci soen, fir och dat heiten elo Aarhus-gerecht gestalt ze hunn. Ech mengen, dass d'Ëmweltverwaltung hei d'Aufgab huet fir dat esou schnell wéi méiglech ëmzesetzen.

Ech mengen, wat déi scheinbar Kontradiktioun, op déi den Här Mehlen nach higewisen huet, ugeet esou gëllt dat, wat am schréftleche Rapport geschriwwe ginn ass, dass eng Ëmännerung